Luxemburger Wort, Montag den 29. April 2024

# Generalversammlung

## D'Fraen a Mammen Berdorf spenden 20 000 Euro



**Berdorf.** Viru Kuerzem konnten d'Fraen a Mamme vu Berdorf op hirer Generalversammlung Schecken am Wäert vun 20 000 Euro iwwerreechen. Dëst war zum gréissten Deel den Erléis vum Haupeschfest. Dëst war allerdéngs vill manner, wéi déi Jore virdrun, well dat lëscht Haupeschfest souzesoen an d'Waasser gefall ass. D'Sue goufe gespent un: Télévie, Solidaritéitsaktioun vun der ACFL Pëtzer bauen op Madagaskar, ACAT, ALAN, Fondatioun Sarah Grond, Ciné Sura, d'Stroossen Engelen an d'Stëmm vun der Strooss. Déi Verantwortlech vun deene verschiddenen Organisatiounen hu Merci gesot an dovu profitéiert hir Projete virzestellen, an ze erkläre, wéi d'Sue verwent ginn. Et huet keen sech gemellt fir Comitésmember ze ginn. Et wär awer wichteg nei a jonkt Blutt an de Comité ze kréie, fir d'Pérénitéit um Veräi secherzestellen. D'Presidentin Linda Hartmann huet der Gemeng, de Sponsoren, de Memberen an de Frënn en häerzleche Merci gesot, fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung, an huet sech gewënscht dat och an Zukunft esou ka weidergefuer ginn. D'Sekretärin Christine Kaps huet den Aktivitéitsbericht vum vergangene Joer an den Ausbléck fir dëst Joer virgedroen an d'Caissière Marie-France Siebenaler de Keessebericht. D'Keesserevisoren hunn der Caissière Entlaaschtung ginn.

*Fraen A Mammen Berdorf*
*via mywort*